

1968

Stonnen erauszitt. Mir ass et egal. Ech froen d'Chamber, ob se domat d'accord ass, dass den Här Gira „parole après ministre“ kritt?

M. Robert Mehlen (ADR).- Här President, d'Reglement ass dach just dofir do, fir déi kleng Fraktiounen ze protégéiere géint d'Willkür vun deene Groussen!

M. Lucien Clement (CSV).- Et misst ëmgedréit sinn an dësem Parlament, mat deem, wat Dir heiansdo opféiert!

M. Robert Mehlen (ADR).- Wou komme mer da soss hin?

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Ech wëll hei betounen, dass et wierklech grave ass, wa mer e Règlement hunn, dat nom Gutdünke vum President kann ausgeluegt ginn. Dat ass nun eemol esou.

Wann ech mech gutt kann erënneren, Här President, hunn ech den Här Boden net ënnerbrach. Ech hunn e schwätze gelooss déi ganzen Zäit, wou en hei Saache gesot huet. Ech kann awer da sécher, an ech halen drop, Här President, dass d'Reglement applizéiert gëtt, kuerz e puer Saache soen.

1. Ech sinn net responsabel dofir, wat e Journalist am Tageblatt oder soss anzwousch aus engem Communiqué vun deene Grénge mécht.

2. Et kann een de Communiqué vun deene Grénge liesen, do steet dat Wuert „Skandal“ net dran, Här Boden.

M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.- „Affären“ steet dran!

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Wat e Journalist doraus mécht, ass net eise Problem.

3. Et ass komesch, Här Boden, dass all déi Dokumenter, déi ech hunn, kréien ech net iwwer mäi Fax, well nach ginn ech net de Weess sprëtzen, Här President. Mä déi hunn ech kritt aus Bauerekreesser, déi opbruecht sinn iwwert déi do Praktiken an déi sech Suerge maache wéinst deene Programmer, wou se dra sinn, vun der Marque nationale, déi sech Suerge maachen iwwert de Lëtzebuurger Broutweess, well se fäerten, wann do eng Kéier gewësse Saachen erauskommen, da kënne se do net méi matmaachen.

Ech si just heihi komm, fir dass endlech Transparenz a Klorheet an deen Dossier kënnt. Et bréngt der Saach guer näischt, wann hei elo erëm verharmloost gëtt. Dir hutt all Intérêt drun, dass Klorheet geschafe gëtt. Ech stelle just fest, Här President, den Här Clement huet zu mer gesot, ech soll Froe stellen an enger Heure d'actualité. Ech hunn der hei 15 gestallt. Den Här Boden huet mer net eng beäntwert. En huet mer zum Beispill net beäntwert, ob et richtig ass, wat eis nopedroe ginn ass, dass e mëndlech informéiert ginn ass, dass déi Firma hei regelméisseg géing Mëttel recommandéieren, déi net op der Lëscht sinn. Stëmmt dat, oder stëmmt dat net? A wann

net, firwat huet en näischt ënnerholl? Déi Froe wollt ech beäntwert kréien.

M. le Président.- Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.- Ech wëll op déi lescht Fro nach eng Kéier äntwerten. Et stëmmt, dat sinn ech haut gewuer ginn, datt virun zéng Deeg de President vun der Bauerenallianz engem Beamten am Ministère telefonéiert huet a gesot huet, e géif em offiziell matdeelen, dass do eng Firma wier, déi géif beroden an déi géif zu illegale Mëttel roden. Mir hu bei der Chambre d'Agriculture nogefrot. Dat si keng Wochen hier. Mir hu vun deenen eng Äntwert kritt, an ech hunn déi Äntwert hei duergeluegt. Ech menge schonn, datt et eng gutt Saach ass, fir déi Berodung esou ze maachen. Zweetens sinn ech der Meenung, datt se net richtig handeln, wann net gläichzäiteg dobäi gesot gëtt, wat dat equivalent Lëtzebuurger Mëttel ass, dat muss verbessert ginn. Mais pour le reste ass de Prinzip ganz gutt, an et soll an där Richtung weidergefuer ginn.

Dir wollt hei eppes an de Raum stellen, wéi wann d'ganz Landwirtschaft schlecht wier. Dat ass ganz sécher net vun lech haut bewise ginn. Dat kënnt Der och net beweisen!

M. le Président.- Gëtt keng „parole après ministre“ méi gefrot?

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 4834 iwwert d'Vergrësserung vum Gebai vum Europäesche Geriichtshaff um Kierchbiereg. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt an deemno folgendermoossen opgedeelt. Den Här Rapporteur huet zéng Minutten Zäit.

7. Projet de loi 4834

- autorisant le Gouvernement à faire procéder à une quatrième extension du Palais de la Cour de Justice des Communautés européennes à Luxembourg-Kirchberg;
- portant modification de l'article 3 de la loi modifiée du 13 avril 1970 fixant les conditions suivant lesquelles le Gouvernement peut soit acquérir certains immeubles présentant un intérêt public, soit garantir le rendement et les charges locatifs de tels immeubles

Rapport de la Commission des Travaux publics

M. Nico Loes (CSV), rapporteur.- Här President, ech däerf jo da sécher virum Minister schwätzen.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Joer 2002 huet mat engem Meilesteen an der Geschicht vun der europäescher

Integratioun ugefaangen. Méi wéi 30 Joer nom Rapport Werner iwwert déi europäesch Währungsunioun bezuehlen d'Leit haut an net manner wéi eelef Länner vun der Europäescher Unioun säit dem 1. Januar mat enger gemeinsamer Währung. Eemol méi huet d'EU eng weider Feierprouf a Saachen Ëmsetzung vu groussen Erausforderunge bestanen. Et ass a bleift awer dëst net déi eenzeg.

D'Europäesch Unioun ass vill méi e permanente Prozess, deen nach laang net ofgeschloss ass. Et stinn nach weider Défien un, déi d'EU an de kommende Jore muss opgräifen. D'EU-Erweiterung steet ganz uewen um europapoliteschen Agenda.

Mäi Fraktiounskolleeg Willy Bourg hat a sengem schrëftleche wéi mëndleche Rapport iwwert de Konferenzzentrum den 2. Juli d'lescht Joer dëst schonn ervirgehuewen. D'Europäesch Unioun steet virun hirer bis dato gréisster Erweiterung. D'Populatioun geet ëm 105 Milliounen an den Territoire ëm 34% an d'Luut. Et ass kloer, dass sech déi kommend Erweiterung och wäert op Lëtzebuerg als eng vun den EU-Hauptstied nidderschloen. Eist Land muss sech dësen Tatsachen unhuelen an den hei usässegen EU-Institutiounen déi Infrastrukture ginn, déi et erlaben, déi nei Memberen opzehuelen.

D'Décisioun vun Edinburgh vum 12. Dezember 1992 verankert d'Cour de Justice des Communautés européennes zu Lëtzebuerg. De Projet 4834 dréit den Obligatioun Rechnung, déi sech aus dëser Décisioun an aus den Traitée fir d'EU-Hauptstad Lëtzebuerg erginn hunn.

D'Regierung weist op en Neits, dass si gewëllt ass, déi Politik weiderzeféieren, déi op d'Implantatioun an d'Konsolidéierung vun internationalen Organer zu Lëtzebuerg ausgeriicht ass.

De Projet de loi 4834 iwwert de véierten Ausbau vum Palais de la Cour de Justice des Communautés européennes um Kierchbierg ass den 23. August 2001 vun der Bauteministesch, der Mme Erna Hennicot-Schoepges, an der Chamber déposéiert ginn, an an déi zoustänneg Bautekommissioun weidergeleet ginn. De Statsrot huet de Projet eng éischte Kéier den 23. Oktober aviséiert, an den 31. Oktober huet d'Regierung en Amendement ageerecht, fir zousätzlech 270 Parkplazen ze aménagéieren.

D'Mme Minister hat den 22. Oktober de Projet an der Kommissioun virgestallt. An dëser Sitzung ass och de Rapporteur bestëmmt ginn.

De 6. November 2001 huet d'Kommissioun sech mam Avis vum Statsrot a mam Amendement vun der Regierung befaasst, an den 22. November konnt de Projet eng zweete Kéier un Hand vun enger Maquette virgestallt ginn.

An der Kommissiounssitzung vum 17. Januar 2002 huet d'Kommissioun en éischte Projet de rapport diskutéiert, a si gouf vu Regierungssäit informéiert, datt en zousätzlechen Amendement géif presentéiert ginn, wat dann och de 24. Januar 2002 geschitt ass.

Bei dësem Amendement, deen de Statsrot a sengem Avis complémentaire vum 16. Abrëll 2002 aviséiert huet, handelt et sech ëm d'Acquisitioun vun engem Terrain mat engem Immeuble. Den Amendement an den Avis sinn den 8. Mee 2002 an der Kommissioun diskutéiert ginn, an de Rapport ass den 13. Juni 2002 ugehol ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt a menger Interventioun op den Historique vun dëse Gebailechkeeten agoen, déi säit 1952 zu Lëtzebuerg usässegen sinn.

1972 ass d'Cour de Justice an déi nei Gebaier um Kierchbierg geplënnert, well d'Villa Vauban am Stater Park ze kleng ginn ass. Enn vun de 70er Joren hu misste weider Raimlechkeete gelount ginn, eng Situatioun, déi sech duerch déi zweet an déi drëtt EU-Erweiterung mat Griichenland am Joer 1981 a mat Spuenien a Portugal 1986 weider verschäerft huet.

D'Regierung huet 1985 en éischten Ausbau vum Palais de Justice gestëmmt, en Ausbau, deen, wéi sech relativ fréi erausgestallt huet, op en Neits net duergaangen ass. Weider Büroen am Bâtiment Konrad Adenauer hunn erëm misse gelount ginn.

Den EU-Ministerrot huet 1988 d'Schafung vun engem Tribunal de première instance festgehalten, deen un d'Cour de Justice ugegliddert ass.

Déi zweet Extensioun as 1989 votéiert ginn, déi sech op en Neits als ze kleng erweisen huet, wouropshin e Joer méi spéit de Bau vun enger Annexe C votéiert ginn ass, déi am September 1994 ageweit gouf, an där d'Fonctionnaire vun der véierter Erweiterungsronn, dat heescht aus Éisträich, Finnland a Schweden ënnerbruecht goufen.

Den 28. Dezember 1992 an den 20. Juli 1998 sin nach zwee Gesetzer gestëmmt ginn, dëst fir weider Investissementer am Kader vun den Extensiounen an den Iwwergangsmoosnamen an en vue vu weideren Ausbauarbechte vun der Cour de Justice.

Et ass och gewosst, dass an de 70er Jore mat vill Asbest geschafft ginn ass. Haut wësse mer méi iwwert dëst geféierlecht Material. Och am Palais de Justice ass dëst Material verschafft ginn, an dofir huet d'Chamber am Juni 2000 e Gesetz gestëmmt, fir de Palais de Justice vum Asbest ze befreien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat gëtt haut u Surface gebraucht? D'Cour hat an enger éischter Iwwerleeung uitgemaacht, dass net manner wéi 60.000 m² noutwendeg sinn. De Fonds d'Urbanisation et d'Aménagement du Plateau de Kirchberg huet sech iwwert d'Potentialitéiten um Site selwer e Bild gemaach, an dräi Architektbüroer sinn an hirer Analys zur Konklusioun komm, datt de Site nach ausbaufäeg wier, fir zukünfteg Länner ze integréieren, an datt doriwwer eraus eng Reserv un Terrain kann zréckbehalen ginn.

D'Cour huet der Regierung den 30. Juni 1998 e Cahier des besoins iwwermëttelt. Säit der Décisioun vun

1970

Edinburgh sinn d'Europäesch Communautéiten op de Wee vun enger Politik gaangen, déi d'Gebailechkeeten, déi vun den EU-Institutionen besat sinn, à terme och ze kafen. Dofir war et ubruecht, d'Cour un alle Stadië vum Projet ze associéieren.

De Projet hält a sengem Exposé des motifs och fest, datt d'Roll vun der Cour de Justice ëmmer méi wichteg ginn ass. Am Kontext vun enger steigender Zuel u Contentieux vun zukünftigen EU-Erweiterungen, vun zukünftigen Ännerungen am Dispositif vun de communitaire Juridictionen ass unzuhuelen, datt sech och dës Extensioune an e puer Joer als ze kleng wäert erweisen. An deem Fall réit d'Regierung, dësse Projet ze compléieren a gegebenenfalls en neit Gesetz an d'Wee ze leeden.

De Projet de loi 4834 beschreift op 32 Säiten d'Pläng, inklusiv déi technesch an déi architekturel Finess vum deemem Projet. Ech wollt dofir op dëst Dokument verweisen fir déi Leit, déi sech wëlle méi déif an dësse Projet aschaffen.

Trotzdem wëllt ech op déi grouss Linne vum Projet agoen, déi vum franséischen Architekt Dominique Perrault entworf goufen. Hei kann ee soen, datt et e ganz renomméierten Architekt ass, deen och schonn den Entwurf vun der franséischer Nationalbibliothék gemaach huet an deen och d'Pläng fir den olympesche Velodrome an d'Piscine zu Berlin 1997 entworf huet.

De Fonds d'Urbanisation et d'Aménagement du Plateau de Kirchberg wëllt aus dem Kierchbiergquartier méi en urbanen a méi beliebten Deel vun der Stad Lëtzebuerg maachen. Am Rapport d'activités 2000 steet dann och nozeliesen: „Le plateau de Kirchberg n'est plus identifié comme le siège luxembourgeois des seules institutions européennes et du secteur de l'activité bancaire, mais comme un ensemble urbain à caractère de ville à part entière.“

An dëser Optik presentéiert sech dann och dee Projet, dee mer haut zur Ofstëmmung virleien hunn. Déi nei Architektur integréiert sech an déi al Architektur, déi als Basis fir déi Weiterentwécklung vun der Cour weider hir Roll spillt.

De Projet kann een a véier Haaptelementer zesumme faassen, déi all hir technologesch Partikularitéit wäerte behalen, an déi och alleguer kloer definéiert Fonctiounen iwwerhuelen.

Un éischter Stell ass dat deen ale Palais de Justice, dee restrukturéiert muss ginn, fir de Gesamtprojet net ze beinträchtigen. Dësen Deel gëtt op Schwachstellen iwwerpréift, an am Fall, wou dës technesch méiglech ass, an deen neie Projet adaptéiert an integréiert. D'Fassad vum Palais gëtt erëm opgebaut, nodeem déi Décontaminatiounsarbechten ofgeschloss sinn, an dës Fassad wäert dann och deene modernsten technologeschen an ëmwelttechneschen Ufuerderungen entsprechen. D'Salles d'audience an d'Salles publiques wäerten och do ënnerbruecht ginn.

Da gëtt nach e Rang ronderëm gebaut, deen awer rechteckeg ass, deen am Projet och Anneau genannt gëtt. Do sinn d'Cabineten an d'Büroer vun de Memberlänner dran ënnerbruecht. En ëmschléisst de Palais a fält virun allem duerch seng Transparenz op, soudatt de Palais als Kär sichtbar bleift. Déi ganz Konstruktioun steet op engem Seilegang vu Piliere aus Bëton a Stol, déi eng Héicht vun zéng Meter hunn. Eng massiv a stabil Surface dréit déi zwou Etagë vun der Konstruktioun. Déi metalle Konstruktioun zeehnet sech duerch hir Liichtegkeet an hir Einfachheet am Volume aus. Déi thermesch Wäerter vun den Aussewänn entsprechen de Wäerter, déi haut a Kraaft sinn. Eng speziell Opmierksamkeet gëtt och der Dekoratioun an och dem Confort vun dësen Cabineten zedeel.

D'Restauranten, d'Parkingen, Kiosken an d'Bibliothék wäerten haaptsächlech an der ënnerierdescher Galerie ënnerbruecht sinn. D'Galerie an de Parking leien zu engem groussen Deel ënnert dem Parvis vun dem Palais, a si grad wéi d'Desserte, déi ënnert der Galerie verleeft, zu engem groussen Deel aus Stolbëton gebaut. D'Galerie ass voll klimatiséiert. Dobäi muss een awer och preziséieren, datt nëmmen déi accessibel Plagë mat mikroklimateschen Zonen ausgestatt sinn. Déi ganz Galerie, déi sech iwwer eng Längt vun 300 Meter hinzitt, gëtt duerch natierlech Luucht beliicht, an awer och duerch een Eclairage ënnerstëtzt, fir d'Helld op engem konstanten an agréablen Niveau ze halen.

Déi zwou Tiern sinn d'Haaptattraktioun vun deemem Projet, well se d'Erneuerung vun der Cour schlechthin duerstellen. Si erstrecke sech iwwer eng Héicht vu 75 Meter an hunn 18 Etagë mat enger Basissurface vu 15 op 47 Meter, spréchen enger Surface vu 705 m². Wat dës zwou metalle Konstruktiounen ubelaangt, déi virun allem duerch hir Einfachheet ervirstiechen, ass festzhalen, dass d'Bauaarbechte sécher schnell ofgeschloss kënnen ginn. Duerch hir metalle Beschafetheit sinn d'Tiern och géint Feier geschützt.

De ganze Komplex gëtt mat Energie aus der Cogénérationssentral vum Kierchbierg versuergt.

Här President, ech wollt nach e puer Wuert iwwert d'Arbechten an der Bautekommissioun verléieren, déi ëmmer oder bal ëmmer e konstruktive respektiv ee kooperative Charakter haten. D'Bautekommissioun, dat hat ech virdru scho gesot, huet sech eng éischte Kéier mat dem Projet den 23. Oktober befaasst. Een Amendement war och noutwendeg, well d'Cour ee weidere Parking mat 270 Emplacementen gefrot huet, dee mat engem Käschtepunkt vu fënnef Milliounen Euro zu Buch schléit. Dësse Parking ass, wéi gesot, ënnert dem Parvis virgesinn. An der Sitzung vum 6. November ass festgehale ginn, datt d'Cour sech averstane gewisen huet mat dem Projet en tant que tel, a mat de Pläng, déi de Parking géinge betreffen.

De Vertrieeder vun de Bâtiments publics huet och preziséiert, datt weder d'Käschte vum Parking nach déi vun dem Photovoltaikéquipement am Projet de loi integréiert sinn. An de Käschtchen, déi am Projet veranschlaagt sinn, ass awer ee Spillraum vun 10% vun de Gesamtkäschte mat virgesinn. An deem Kontext sief drop higewisen, datt d'Regierung eréischt no dem Dépôt vun deem Gesetz systematesch photovoltaesch Equipementer op neie Gebailechkeete vum Stat virgesäit. Et gouf kloergestallt, datt d'Photovoltaik duerchaus schonn am Projet virgesinn ass, mä datt just d'Käschtchen net am Projet selwer verankert sinn. Dogéint ass an der Kommissioun nach eng Kéier kloergestallt ginn, dass den Aménagement vun den Alentouren an de Käschtchen agebonnen ass.

Ech wéilt nach eng Kéier erwähnen, datt dës Projet de loi duerch d'Loi de garantie finanziéiert gëtt. An deem Kontext ass och d'Fro opgeworf ginn, ob de Relèvement vum Plafond de garantie, deem an deem Projet virgesinn ass, duergeet, wouroupshin den Här Pesch aus dem Baute-ministère der Kommissioun verséichert huet, datt déi Zomm vun 153.570.000 Euro wäert duergoen.

Aner Froen, déi an der Kommissioun ugerass gi sinn...

(Interruptions)

Ech denken, datt dat och esou ass, jo! A wann et net esou ass, da si mer ëmmer nach an därselwechter Gréissten-uerdnung dran.

Et ass och d'Fro opgeworf ginn, wat geschéie géif am Fall, wou de Projet no der Ofstëmmung nach eng Kéier geännert géif ginn. Fir dee Fall ass festgehalen ginn, datt d'Bautekommissioun nach eng Kéier misst zesummenkommen. Verschidde Membren aus der Kommissioun hunn och drop higewisen, datt d'Cour de Justice an deem Kontext keng onjustifiéiert Ännerungspläng kéint geltend maachen.

Wat de Finanzement ubelaangt, ass eng Zomm vun 343.250.000 Euro virgesinn, dat si ronn 14 Milliarde Frang. Et ass menges Wëssens bal deem deierste Projet, dee mer hei an der Chamber gestëmmt hunn. An dës Käschte sinn och elo déi 5.000.000 Euro fir de Parking mat deenen 270 Emplacementen virgesinn, wéi dës am Amendement vun der Regierung vum 31. Oktober 2001 virgesinn ass. D'Aarbechte ginn duerch e private Promoteur realiséiert. Wéi scho virduer erwähnt gëtt de Projet duerch d'Loi de Garantie vum 13. Abrëll 1970 finanziéiert, an de Plafond de garantie annuelle gëtt vun 123,9 Milliounen op 153,5 Milliounen Euro eropgesat.

Wat den Avis vum Statsrot vum 8. November ubelaangt, ass fir d'éischt ze soen, datt eng textuell Ännerung vun Intitulé vum Projet proposéiert ginn ass, déi d'Modificatioun vum Artikel 3 aus der Loi de garantie vum 13. Abrëll 1970 mat abegräift. D'Kommission huet dës Propositionen zréckbehalen. Beim Artikel 1 gouf eng redaktionell Modificatioun zréckbehalen. Beim Artikel 2 an 3 huet de Statsrot bemierkt, datt, wann d'Gesetz nom 1.

Januar 2002 - wat da lo de Fall ass - gestëmmt gëtt, et ubruecht wier, eis nei gemeinsam Währung aplaz vun de Lëtzebuerger Frang anzedroen, wat mir dann och gemaach hunn. Den Artikel 3 gesäit, wéi gesot, déi Modificatioun vum Plafond de garantie vir.

Et ass och nach een Amendement dobäikomm, deem huer am Artikel 4 niddergeschriwwen, wou d'Regierung autoriséiert ass, een Immeubel an eng Plaz mat enger Parcelle an der Rue du Fort Niedergrünwald ze kafen. D'Surface vun deem Immeubel läit bei ronn 9.000 m² an d'Gesamtgréisst vun der Parcelle bei 1 Hektar 18 Ar 50 Centiar.

Am Artikel 5 gëtt dann och déi finanziell Enveloppe festgehalen fir dës Gebai, déi bei 23.920.000 Euro läit. Dës Dépense ass à charge vum Statsbudget vum Joer 2002. Mir hunn och nach gesot kritt, datt deem Immeuble cube ofgerappt misst ginn, wat dann och nach ee Surplus vu Käschte bedeute géif vun 100 Milliounen, dat heescht 2,5 Milliounen Euro, mä déi ginn iwwert déi normal Fonctionnementskäschte vun dem Budget ofgewéckelt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss vu mengem Rapport, vun deem ech hoffen, datt en trotzdeem kloer war, obschonn ech net op all Punkt konnt agoen. Dës Projet ass fir Lëtzebuerg e wichtege Projet, well en op en Neits ënnersträicht, datt d'Regierung gewëllt ass, Lëtzebuerg als eng EU-Hauptstad ze konsolidéieren. Dofir froen ech lech dann och alleguer, fir dës Projet ze stëmmen.

Merci!

Plusieurs voix. - Très bien!

M. le Président. - Merci, Här Loes! Ech muss lech soen, datt de Rapporteur bei engem Projet mat enger Riedezäit nom Modell 1 nëmmen zéng Minutten huet, mä dass dat net duer geet, fir e Projet wierklech virzestellen. Ech wier frou, wann d'Commission des Présidents d'Reglement géif nokucken, fir dass effektiv de Rapporteur vu sou engem wichtege Projet och Zäit kritt, fir säi Rapport virzedroen.

(Interruptions)

Ech muss awer och soen, dass hei, wat d'Zäit ubelaangt, den Här Loes siechzeng Minutte gebraucht huet, mä vu dass d'CSV hir 29 Minutten dono net brauch, sinn ech iwwerzeugt, dass den Här Nicolas Strotz herno méi kuerz schwätzt. Här Strotz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Nicolas Strotz (CSV). - Merci, Här President, ech ginn lech ganz Recht an Ären Explikatiounen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mäi Fraktiounskolleeg Nico Loes huet eis elo en excellente schrëftleche wéi mëndleche Rapport presentéiert, deem all Detailler vun deem, fir Lëtzebuerg wichtege, Projet behandelt huet. Ech wëll him dofir mol fir d'éischt hei merci soe fir all déi Méi, déi e sech gemaach huet. Hie war ganz

explizit, sou datt mer bal schonn direkt zum Vote kéinte kommen.

Ech wëll mech a menger kuerzer Interventioun op e puer Aspekter beschränken, déi dëst Gesetz noutwendeg gemaach hunn, an déi och schonn deelweis vum Nico Loes ugeschwat si ginn. Et ass dat déi ustehend EU-Erweiterung, an awer och, an deene leschte Joren, déi staark unwuessend Aarbechtsbewältegung vum Europäesche Gerichtshaff. Ech mengen, dat muss een och hei ënnersträichen. Wann ee kuckt, wéi vill Dossiere se haten, wéi se virun 30 Joer ugefaangen hunn, a wéi vill se der haut hunn, dann huet déi Zuel sech ëm ganz vill vervielfacht.

Et ass awer och eng vun de Konstante vun der Lëtzebuerger Aussepolitik, datt mer eis beméien, de Siège als europäesch Hauptstadt onmëttelbar un déi bei eis usäseg EU-Institutionen ze knëppen. D'EU-Institutionen zu Lëtzebuerg hunn eis aussepolitesch Renommée, eis Presenz an der EU-Politik ëmmer erëm op en Neits ënnermauert. Et ass dofir fir eis och eng Verflichtung, fir déi Institutionen, déi hei bei eis usäseg sinn, mat deenen néidegen Infrastrukturen ze versuergen, fir datt se hir Aarbecht zur vollster Zefriddenheet kënnen maachen.

Niewent dem Konferenzzentrum, dee mer am Juli vum leschte Joer gestëmmt hunn, hu mer haut erëm, mat engem Projet de loi fir d'Extensioun vum Palais de la Cour de Justice des Communautés européennes, e Projet d'envergure zur Ofstëmmung hei virleien. Et ass deen deierste Projet, dee jee hei an der Chamber ofgestëmmt ass ginn.

Duerch d'Wiel vum franséische Stararchitekt, dem Dominique Perrault, deen a Kollaboratioun mat de Lëtzebuerger Architektbüro Paczowsky, Fritsch a m³ dëse Projet realiséiert, gëtt de Palais de Justice als Ensemble architectural valoriséiert an dréit mat dozou bäi, dass d'Institution u sech u Bedeitung gewënnt. Duerch de Bau vun deenen zwee 75 Meter héijen Tierm, dären hir Architektur duerchsichteg a sober ass, gewënnt de ganzen Ensemble un Importenz.

D'Iddi, fir dee bestehende Palais mat enger op Peiler opgebauter Rangkonstruktioun ze ëmginn, verleit dem Palais, deen ufanks der 70er Jore gebaut ass ginn, an deen de Moment vum Asbest befreit gëtt, en Hauch vu Schutz a verstärkt d'Roll vum Palais als Zentrum vum Europäesche Gerichtshaff.

D'Architektur vum Dominique Perrault ass eng Architecture contemporaine, déi sech areit an eng Philosophie vun de jëtzege Responsablen aus dem Ministère des Travaux publics - do och d'Mme Minister selwer -, a vum Fong Kierchbiere, fir aus deem ganzen, ursprüngeleche Wirrwarr e moderne Stadvéirel ze maachen.

Dem Dominique Perrault seng Architektur, déi offen an duerchsichteg ass, verwennt als Fassadenelementer ganz vill Glas, fir esou eng grouss Liichtduerchflutung an de Gebaier ze kréien. Dëst ass enorm flott; et kann awer

och emol Problemer beinhalten, esou zum Beispill, wat d'Klimatisatioun ugeet. Ech hoffen, dass d'Isolatiounstechnik de Moment sou grouss Fortschrëtte gemaach huet, fir dass hei spéider net ähnlech Problemer optauche wéi bei der Bibliothèque Nationale de France zu Paräis, fir déi den Dominique Perrault wuel engersäits de franséischen Architekturpräis kritt huet, wou en anerersäits awer och vill technesch Problemer hannerlooss huet.

Wat de Projet vun haut ugeet, hunn ech awer no den Erläuterungen, déi mer an der Kommissioun kritt hunn, keng Bedenken, a géif dofir och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den honorablen Här Ben Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

M. Ben Fayot (LSAP).- Merci, Här President. Här Präsident, den Europäesche Gerichtshaff ass vun allen Institutionen, déi zu Lëtzebuerg sinn, wuel déi sécherst, wat hire Sëtz ugeet. Wann ech kucken, wéi heiendo un onse Sëtzer gerappt gëtt zu Bréissel, ob dat d'Parlament ass, oder ob et d'Kommissioun ass an nach anerer, dann ass d'Europäesch Cour sécher déi Institution, déi éischters emol scho ganz laang hei ass - vun 1952 un, an, zweetens, och am zoliddsten zu Lëtzebuerg implantéiert ass.

Et ass och déi Institution - dat soll een hei ënnersträichen -, déi ganz bestëmmt am Gefüge vun der europäescher Institution am mannste bekannt ass, mä awer eng vun de wichtegste Rolle spillt, well se net nëmmen eenzel Affären traitéiert, mä och d'Kompetenz vun den Institutionen an d'Kompetenz vun der Europäescher Unioun juristesch begleet an definéiert.

D'Lëtzebuerger Chamber huet jo bekanntlech ëmmer ouni weider Problemer déi Neibauten um Kierchbiere fir déi europäesch Institutione gestëmmt. Et ass och ze begreissen, Här President, datt mer an deene leschte Joren dozou iwwergaange sinn, fir bedeitend Architekten, inländescher grad esou gutt wéi auslännescher, ze huelen, fir hei déi Gebaier ze gestalten. Et ass jo net alles, wat um Kierchbiere steet an zënter de 60er Jore gebaut ginn ass, vun der leschter architektonescher Qualitéit, mä an deene leschte Joren ass sécher do e groussen Effort gemaach ginn.

Déi véiert Extensioun vun der Cour de Justice ass jo 1998 an de Wee geleet ginn, wéi d'Cour hir Besoine virgeluegt huet. D'Cour an och den Tribunal de première instance gi méi grouss, wat d'Europäesch Unioun méi grouss gëtt, a wat d'Europäesch Unioun och méi Kompetenze kritt. D'Erweiterung kënnt an hir lescht Phas. Et gëtt erwaart, datt virun den Europawahle vun 2004 op d'Mannst véier bis fënnf nei Membren dobäikommen. Dat ass muer, an dat heescht nei Riichter, nei Affären, nei Sproochen, nei Fonctionnaires.

Et muss een och dobäi soen, dass d'Gerichtsbarkeet selwer sech diversifiéiert. Ursprünglech ass et jo nëmmen d'Cour de Justice ginn. Dann ass den Tribunal de première instance dobäikomm. Eurojust ass fir d'Koordinatioun vun den nationale Procureuren an d'Liewe geruff ginn. Ech sinn der Meenung, dass esou eng Institutioun op Lëtzebuerg gehéiert, an d'Noperschaft vun der Cour de Justice. Et gëtt och vun engem europäesche Procureur geschwat. Dat ass och eng juridictionnel Aufgab. Och den Office de lutte anti-fraude soll eng Zweigstell zu Lëtzebuerg kréien. Alles dat geet an déi juridictionnel Tächen eran, a Lëtzebuerg soll jo de juridictionnel Zentrum vun der Europäescher Unioun sinn. Et wier och gutt, wann ons Regierung am Kader vun hirer Sätzpolitik déi Beméiungen intensivéiert, fir dës Institutionen op Lëtzebuerg ze kréien, net nëmme fir dat ze kompenséieren, wat fort op Bréissel geet vum Parlament a vun der Kommissioun, mä fir eben och dee juridictionnelle Sätz ze verstärken.

Dee Projet hei selwer huet jo eng gewëssen Accélération erfuer, oder soll eng Accélération erfueren. Wéi ech gelies hunn am Exposé des motifs an och héieren hunn am Rapport vum Här Loes, dee jo ganz prezis iwwert den Développement beréicht huet, méndlech a schrëftlech, sollt dee Projet ursprünglech an e puer Etappe virgesi sinn, dat heescht, et sollt e Phasage vun deem Projet ginn. Lo gëtt eis awer gesot, dass en direkt ganz realiséiert misst ginn, well d'Besoinen et ausweisen.

Et huet eng Remarque am Rapporteur sengem Bericht mech frappéiert. Hie seet - an en huet et och lo a sengem méndleche Bericht ugedeit -, et kéint net ausgeschloss ginn, dass en neit Gesetz misst nogeschoss ginn. Dat ass jo eigentlech e bëssen erstaunlech, well mer jo hei elo e grouesse Projet maachen. Ech mengen, et misst een ons awer scho soen, ob, wa mer dat hei elo gestëmmt hunn, scho Viraarbechte fir en nächst Gesetz am Tube sinn, oder wat ee vun esou Remarquë soll halen. Dat heescht also, mir géifen eppes elo stëmmen, wat schonn net duer géif goen, wann een d'Besoinen gesäit. Dës Fro also un d'Mme Minister.

De Käschtepunkt erreecht déi stolz Zomm vun 343 Milliounen Euro. Et soll jo e private Promoteur dat Gebai realiséieren. Dozou hätt ech eng prezis Fro. Mir haten eis jo an der Budgetkontrollkommissioun zujoert intensiv mat der drëtter Extensioun vun der Cour de Justice ofginn, well jo e Rapport vum europäesche Rechnungshaff sech domat ofginn hat. Mir haten am Rapport, dee jo och hei vun der Chamber ugeholl ginn ass, eng Remarque gemaach, nämlech dass de Promoteur net och sollt de Réalisateur sinn, dass een also déi zwou Fonctiounen sollt trennen, engersäits de Promoteur an anerersäits deen, deen dat praktesch realiséiert. Deemools war ons dann och vun der Regierung gesot ginn, an der Budgetkontrollkommissioun, dass se dat an Zukunft wëllt esou maachen. Ech wär frou, wann ech dorop eng prezis Äntwert kréich.

An där Logik vun deem Rapport, dee mer och deemools gemaach hunn, an deen un dee Rapport vum dem europäesche Rechnungshaff ugeknëppt huet, géif mech och interesséieren, wéi dann elo d'Verhältnis zwëschen der Cour de Justice an dem Stat geregelt ass. Et gëtt ons gesot, et géif e Contrat-cadre zwëschen deene zwee Partner ofgeschloss ginn. Et gëtt erkläert, domat kréich de Stat d'Responsabilitéit an d'Koordinatioun vum Projet, an d'Cour kéint d'Realisatioun verfolge, dat heescht, d'Cour hätt d'Méiglechkeet ze kucken, wéi dee Bau sech entwéckele géif. Et ass legitim, dass d'Cour selwer dat verfolge kann. Mä ech weess awer net, ob een dofir misst en extrae Contrat-cadre maachen.

Dohier da meng Fro, déi ech dru knëppen. Mir sinn hei an der Loi de garantie, dat heescht, e Privatpromoteur gëtt dëse Projet op de Wee. D'Gebai gehéiert da fir déi nächsten zwanzeg Joer dem Promoteur. De Stat bezillt e Loyer a kritt héchstwahrscheinlech e Loyer vun der Cour erëm. Am Exposé des motifs steet, dass ee sech Gedanke maache géif, fir e Contrat de location-vente mat der Cour de Justice ze maachen, oder iergendeng aner Formule, déi och nach opgefouert gëtt. Ech wollt d'Mme Minister froen, ob do schonn eppes festgeluegt ass, wéi d'Verhältnis zwëschen der Cour de Justice an dem Promoteur respektiv dem Stat ass, well jo och vum Rapporteur gesot ginn ass, an dat steet jo och am Exposé des motifs, dass eben d'Communautéiten op de Wee géife goen, fir hir Gebaier alleguerter lues a lues „en propriété“ ze erwerben. Dofir schéngt et mer interessant ze sinn, fir doriwwer prezis Informatiounen ze kréien.

Et ass also wichteg, Mme Minister, ze wëssen, wéi prezis d'Relatioun zwëschen dem Stat an der Cour de Justice geregelt ass, well mer aus der drëtter Extensioun wëssen, dass et do vill Flottementer gi sinn, dass d'Cour zum Beispill oft nei Besoinen annoncéiert huet, dass déi dann dobäikomm sinn, an dass de Präis vun deem Ganzen eropgaangen ass. Dat wär jo awer net transparent an och net gesond, wa mer op dee Wee géife goen. Also, wéi sinn déi Relatiounen geregelt, an ass och zum Beispill dee Projet, wéi e sou virläit, duerch eng schrëftlech Zousou vun der Cour festgeluegt? D'Cour huet jo gesot, si wier d'accord mat deem Projet: Hu mer dat schrëftlech? Hu mer dat prezis vun der Cour de Justice? Dat géif mech op jidde Fall interesséieren.

Vläicht kann et och sinn, dass an der Zwëschenzäit - dat ass jo ëmmer méiglech bei engem Projet, dee laang dauert, vun der Genèse un, bis en dann an d'Exécution kënnt - eppes kéint geännert ginn. Et ass jo och en Amendement komm, dee mat agebaut ginn ass. Mä vläicht kann an där Period och nach eppes dobäikommen. Do wier och meng Fro, wéi mer dat dann handhabe géifen, wann dat de Fall wär.

Här President, wéi gesot, mir fannen, dass dësen Neibau oder dëse Projet op jidde Fall - deels Neibau, deels Émbau - e gudde Projet, en interessante Projet ass, och architek-

tonesch. En ass wichteg, fir d'Sëtzpolitik vu Lëtzebuerg ze ënnermaueren.

Vläicht kann d'Mme Minister ons nach, wa se schonn amgaangen ass, op Froen ze äntweren, soen, wéi mer mat deenen anere grouse Projeten am Timing sinn, zum Beispill dem Centre de conférence, dee mer fir d'Présidence am Joer 2005 brauchen, an och déi zwee Tiern, déi op béid Säite vun der Strooss gebaut ginn, déi jo och Beamten aus dem Bâtiment Tour emfänke mussen, wann dee restauréiert gëtt. Et wier interessant ze wëssen, ob mer do net hannendra sinn.

Merci!

M. le Président. - Merci, Här Fayot. Nächste Riedner ass den Här John Schummer.

M. John Schummer (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, un éischter Stell wëllt ech dem Här Nico Loes als Rapporteur merci soen, souwuel fir säi schrëftleche wéi och säi mëndleche Rapport. E war ausféierlech, an dat erlaabt mer, op eng Partie Saachen net méi onbedéngt agoen ze müssen.

Ech wëll hei just festhalen, dass de Bau vun där Extensioun, déi mer haut hei diskutéieren, a muer wäerte stëmmen, am droit fil vun der Politique du siège vu Lëtzebuerg ass. 1992 zu Edinburgh hunn déi verschidde Regierungen jo och un commun accord de siège vun deenen Institutionen festgehalen, a bei där Geleeënheet ass och bestätegt ginn, dass Lëtzebuerg ënner anerem de Siège vun der Cour de Justice ass.

De Projet, deen eis elo virläit, gesäit vir, de Palais de Justice ze renovéieren an en och auszubauen. Virdu muss awer nach den Désamiantage vun de bestehende Gebailechkeete virgeholl ginn, ier mer mam Bau ufänke kënnen. Och sinn nach zwee Amendementer vun der Regierung geholl ginn.

Deen een Amendement gesäit d'Acquisitioun vun engem Terrain vir, dee gebraucht gëtt, fir d'Extensioun vun der Cour de Justice realiséieren ze kënnen. Deen zweeten ass erabruecht ginn, well elo - an dat ass scho signaléiert ginn - e Parking gebaut soll ginn, deen 270 Plaze méi zur Verfügung huet, wéi beim virechte Projet festgehalen gi war. Dat schléit sech dann och alles an der Gesamtveloppe nidder, déi fir dëse Projet virgesinn ass. D'Gesamtveloppe beleeft sech also op 343.250.000 Euro. Dat ass sécher eng gewaltig Zomm, an et ass ënnerstrach ginn, dass et deen déckste Projet ass, dee bis elo hei duerggeholl ginn ass. Mä mir hunn d'Verflichtung, deenen europäesche Fonctionnaires, déi hei bei eis zu Lëtzebuerg schaffen, en adequat Ëmfeld an adequat Infrastrukturen zur Verfügung ze stellen, fir dass se an aller Sérénitéit hir Aarbecht kënne maachen.

D'Erweiterung vun der Europäescher Unioun bréngt et mat sech, dass mer elo vun 2004 un zu 25 Memberstaaten an der Europäescher Unioun wäerte sinn. Kuerz dono wäerten och déi Staaten, déi nach net grad prett ware fir

2004, och Member an der EU wëlle ginn, soudass wahrscheinlech nach eng Kéier eng Erweiterung an d'Haus steet. Dobäi kënnt dann och, dass am Fall vun enger Erweiterung vun de Kompetenzen vun der Cour de Justice - dat ass och grad vum Virriedner signaléiert ginn - den Effektiv opgestockt muss ginn, wat erëm eng Kéier bedeit, dass déi néideg Infrastrukturen do musse sinn.

Weiderhin ass jo och zu Edinburgh eng Politique d'acquisition vun de Communautéite festgehalen ginn, déi virgesäit, dass d'Gebailechkeeten, an deenen d'Institutionen ënnerbruecht sinn, dans la mesure du possible an à terme kaf solle ginn. Dat heescht awer och, dass dann, wann dat eng Kéier de Fall ass, d'Frais vum Bau a vun der Extensioun vun de Communautéite wäerte gedroe ginn. An deem Kontext huet mäi Virriedner, den Här Fayot, eng Partie interessant Remarque lo just gemaach.

Här President, als Grënnerland vun der Europäescher Unioun ass et grad just un eis, fir mam gudden Beispill virzegoen - wéi sou oft an eiser Geschicht -, fir déi nei Membren, sou wéi et sech gehéiert, hei bei eis ze emfänken. Mä mir dierfen och net vergiessen, dass mer vill Nachholbedarf hunn. Wa mer eng éischt Gei spille wëllen, geet et net duer, fir e spatze Mëndchen ze maachen, mä et muss och gepaff ginn. Wann d'EU-Erweiterung kënnt, a si kënnt doudsécher, da müssen d'Infrastrukturen stoen.

Dat geet vun de Schoulen, fir dass déi zousätzlech Beamte kënnen hir Kanner ënnerbréngen, bis zu de Büroen an all déi aner Infrastrukturen, déi zum gudden Fonctionnement vun där Institution bäidroen.

Wann een awer d'Dauer vun eise Prozedure fir ze baue kennt, an heiansdo d'Schwierigkeeten, déi ugefouert ginn, da maachen ech mir an deem heite Fall awer eeschtlech Suergen. Et heescht net, hannert dem Zuch hannendrun ze lafen, mä mir müssen als éischt drop setzen, well soss hu mer e mat Sécherheet verpasst. Hei drängt sech iwwregens drénglechst en Inventär op an eng Prioritéitslëscht vun deene Saachen, déi mer zousätzlech nach maache müssen.

Dat gesot, besteet awer keen Zweifel, dass meng Fraktioun dëse Projet selbstverständlech wäert stëmmen. Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président. - D'Wuert huet den Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, mir sinn ons all eens, dass mer de Rapporteur félicitéieren, dass en ons de Projet gutt exposéiert huet. Et ass e Bau, deen néideg ass, fir ons Plaz an der Europäescher Gemeinschaft ze halen a fir ze weisen, dass mer offe si fir den Accueil vun europäeschen Institutionen, an notament, dass mer deen europäesche Geriichtshaff, deen och scho laang hei ass an dee mer och zimlech sécher hei zu Lëtzebuerg behalen, dass mer deem déi noutwendeg Aarbechtsméiglechkeete ginn.

De Prinzip selwer vun der Extensioun an d'Aart a Weis, wéi d'Gebai gebaut gëtt, si gutt a fannen den Accord vun der ADR-Fraktioun, mä d'Gesetz awer net. Absolut net!

Ech verstinn net, Mme Ministerin, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dass am Text steet, dass mer op d'Loi de garantie zréckgräifen, eng Loi de garantie, wou anscheinend d'Regierung an och dës Majoritéit de Rapport vun der Cour des Comptes européenne an de Rapport, vun deem den Här Fayot virdru geschwat huet, well e Rapporteur wor vun onser Kontrollkommissioun, total vergiess hunn. On les ignore totalement!

Dat ass eng Mössuechtung vu seriöse Kriticken, déi gemaach gi sinn a vu seriöse Remarque vun enger Commission du contrôle de l'exécution budgétaire a vun engem seriöse Rapport. Ech verstinn et net. Ech ginn e bëssen an den Detail.

Erënnere mer ons. De Bericht 5/2000 vum europäesche Rechnungshaff huet „grave Irregularitéite festgestallt bei der drëtter Extensioun“. Ech ginn der e puer un:

Dépassement vum Devis ëm 1,168 Milliard, dat heescht ëm 25%. Dat ass kee Pappestill. Natierlech gouf d'Chamber net gefrot. Dat ass jo eng Klenggekeet 1,168 Milliard. Den zoustännegen Minister huet net reagéiert!

M. Nicolas Strotz (CSV).- Et goufen Explikatiounen an der zoustänneger Commissioun.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Ech wëll awer soen, dass déi Explikatiounen keng Explikatiounen waren. Dat ware faul Ausrieden. Et ass alles falsch, wat do gesot ginn ass, an ech wäert dorop zréckkommen.

Mme Nelly Stein (CSV).- E mécht e klengen Sketch.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Wat awer stëmmt, an do si mer d'accord, dat ass, dass den Devis net respektéiert ginn ass.

Dat zweet ass, d'Net-Beuechte vum Marché-public-Gesetz. Dat wor manifestement net de Fall bei der zweeter Extensioun, wou einfach deen, deen déi éischt Affär kritt hat, déi zweet och zougeschoustert kritt huet.

Bei der drëtter Extensioun, do ass et d'selwecht gaangen, mä vu dass e puer Kriticke komm waren iwwert déi zweet, gëtt eng fiktiv Soumission publique gemaach, an da gëtt eng Duechtergesellschaft, d'Hochtief Luxemburg, chargéiert, fir mat ze soumissionnéieren, an zitt sech herno zréck.

Dofir och mat Recht Kriticke vum europäesche Rechnungshaff, dee seet, hei war eng Aart a Weis, fir d'Marché-public-Gesetz unzewenden, wat wierklech ganz originell ass. An dofir meng éischte Fro: Gëtt dës Kéier eng Soumission publique gemaach, esou wéi d'Marché-public-Gesetz et virgesäit oder steet elo scho fest, dass déiselwecht Gesellschaft dat elo kritt oder soss eng Gesellschaft? Et gëtt der jo nëmmen zwou, déi do uewe bauen. Ass dat och schonn esou arrangéiert?

Ech froen Iech, Mme Ministerin, gëtt dës Kéier d'Marché-public-Gesetz respektéiert oder gitt Der nach eng Kéier driwwer, wéi Äre Virgänger dat an der Vergaangenheet gemaach huet?

(Interruption)

Mme Ministerin, Dir kënnt net fir dat, wat Äre Virgänger gemaach huet. Ech ginn dat gären zou, mä ech hoffen, dass Dir déi Feeler net répétéiert.

Da gouf festgestallt vum europäesche Rechnungshaff, dass Ongenauegkeete bei wesentleche Modalitéite fir d'Festleeën an och fir d'Kontroll vum Verkaafspräis duerch d'Europäesch Unioun do waren. Gewësse Modalitéite ware guer net festgeluegt.

Wann ech den Text vum Projet de loi kucken, da gesinn ech, dass dat nach eng Kéier esou geet. Do steet dran, dass viraussichtlech den Amortissement vum Gebai 15 bis 25 Joer wäert bedroen a bien entendu och de Loyer da leeft.

Wéi laang ass et dann elo, Mme Ministerin? 15 Joer, 18 Joer, 20 Joer, 25 Joer? Wéi soll de Verkaufspräis ermëttelt ginn, wann et eng Location-vente ass? 15 oder 25 Joer? Ech kommen herno nach e bëssen an d'Detailer.

Dann huet et och un Ënnerlage gefeelt, fir d'Dépenses ze kontrolléieren. Déi europäesch Cour des Comptes huet festgestallt, dass verschidde Beleger gefeelt hunn. A wann ee wëllt Miet-Kauf maachen, da muss een awer och wëssen, wéi vill d'Gebai kascht. Mä dat ass net feststellen, an et ass net déi éischte Kéier, dass dat geschitt. Et ass courant, dass dat net feststellen ass. Woufir? Mä well mer bei der Loi de garantie näischt méi kënne kontrolléieren. Den europäesche Gerichtshaff kann näischt kontrolléieren. D'Cour des Comptes luxembourgeoise kann näischt kontrolléieren. D'Kontrollkommissioun kann näischt kontrolléieren. Da gëtt iergendwelleche Präis an d'Landschaft gesat. De Steierzueler, deen europäeschen oder dee Lëtzebuerger, dee bezilt.

Et ass esou wéineg transparent wéi et nure geet. Et ass Gemauschels, Mme Ministerin. Et ass inacceptable, wat hei geschitt an. Et muss een awer soen, dass mer net eleng do stinn. Dës huet de President vun der Chambre des Comptes luxembourgeoise mer geschriwwen.

(Interruption)

Ech weess dat, an dofir soen ech, dass dat elei nach ënnert där viregter Institutioun geschriwwen ginn ass.

M. Nico Loes (CSV), rapporteur.- Et ass kale Kaffi.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Neen. Lauschtert emol gutt no, d'Garantie-Gesetz huet jo net geännert.

„La loi de garantie ne prévoit pas de contrôle de la part de la Chambre des Comptes ou par un autre organe de contrôle. Aussi ne prévoit-elle pas de règlement d'exécution fixant les modalités d'un quelconque contrôle. Le

contrôle de toutes les dépenses en relation avec les investissements opérés par la voie de la loi de garantie échappe entièrement à la Chambre des Comptes, puisque les paiements ne s'opèrent pas au vu d'une ordonnance émise par un membre du Gouvernement et sont liquidés par la Chambre des Comptes suivant la procédure prévue aux articles 23 et 25 de la loi du 27 juillet 1936 concernant la comptabilité de l'Etat. Ce n'est que lors de la présentation des dépenses en relation avec les contrats de location-vente, mensualités ou annuités, que la Chambre des Comptes est informée du coût global de l'investissement."

Do wëll ech awer derbäifügen, dat ass awer nuren de Fall deen Abléck, wou d'Gestioun net mat dra kënnt, well wann d'Gestioun mat dra kënnt, dann ass iwwerhaapt näischt méi ze kontrolléieren. Et ass eng Konfusioun vun deenen zwee Montanten. - „Il y a lieu de relever que la proposition de loi" - dat wor deen Abléck nach an der Diskussioun - „réformant la Chambre des Comptes et la dénommant Cour des Comptes ne prévoit aucune disposition qui serait de nature à remédier à cette situation qui permettrait au Parlement de s'informer au sujet d'un projet d'investissement dans le cadre de la loi de garantie et d'exercer de cette façon les compétences qui lui sont dévolues."

Dat wor eppes, wat an der Diskussioun stong ënnert der viregter Regierung. Et ass en offiziellt Dokument, wat d'Chamber zur Verfügung gestallt kritt huet.

D'Chamber an d'Cour des Comptes luxembourgeoise wéi européenne kënne keng eenzeg Dépense kontrolléieren, ob se berechtegt ass oder net, wann et iwwert d'Loi de garantie geet.

D'Cour des Comptes européenne seet an deem Bericht vum Mee 2000 da weider, dass och Facturë fir 2,5 Milliounen Euro gefeelt hunn. Mä mir hu se bezuelt.

Dann hu wichteg Dekonten iwwer verschidde Pièce gefeelt. Näischt do. Et muss een unhuelen, et woren Inexactituden. Bref, et gëtt gegleeft, dass dat richtig wor, wat do facturéiert ginn ass.

Wat net festgeluegt war, dat war de Präis vum Terrain. Do muss ech soen, dës Kéier steet de Präis vum Terrain dran, an dat ass ze begreissen.

Fir komplett ze sinn, relevéieren ech, dass de Bau vun engem öffentleche Gebai op dem Terrain vun engem private Promoteur geschitt.

M. Nico Loes (CSV), rapporteur.- Här President, ech wollt den honorabelen Här Henckes drop opmierksam maachen, dass hie vun der drëtter Extensioun schwätzt. Mir sinn awer elo hei bei där véierter Extensioun.

Do ass engersäits de Präis vum Terrain uginn an op der Säit 10 vum Projet de loi sinn d'Dépenses opgefëiert. Conformément zum Artikel 79 vun der Comptabilité de la Trésorerie de l'Etat sinn och d'Frais de consommation an den Entretien annuel détailléiert opgelëscht ginn.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Dat contestéieren ech net. Ech hu mer d'Fro gestallt, wien deen Devis kontrolléiert, dee mer hei stëmmen. Et muss nämlech een Dekont erfollegen. All Kéiers, wa mir e Bau maachen, wou mir hei en Devis stëmmen, do ass de Ministère herno obligéiert, en Dekont un d'Cour des Comptes ofzeliwweren, an dee kritt d'Kontrollkommissioun zur Begutachtung, mä wann et iwwert d'Loi de garantie geet, do kréie mir keen Dekont ze gesinn. Et kann och kee kommen. Et ass dat, wat relativ grave ass. Dat soen net nuren ech hei, dat seet eng europäesch Institutioun an dat seet d'Kontrollkommissioun. Et ass dat, wat mer bedauern, dass mir keng Kontrollméiglechkeeten hunn. Hei stëmmen mir en Devis. Dee geet 25% an d'Luucht. D'Chamber gëtt net consultéiert, a mir kréie keen Dekont. A wa mer d'Pièce froen, da kréie mer keng, well keng do sinn.

100 Milliounen, ass dat e Pappestill? Dat ass vun an den 90er Joren. Et si keng Facturë méi opzefannen.

(Interruption)

Mir dierfen awer soen, dass déi, déi dat kontrolléieren, enger Facture néideg sinn. Oder maacht Dir et vläicht an Äre Gemengen och esou, dass Dir Rechnunge bezuelt ouni Facture? Ass dat esou bei lech?

M. Nicolas Strotz (CSV).- Op anere Plaze gëtt dat och net gemaach.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Da sot mer emol, wou eppes bezuelt gëtt ouni Facture. 100 Milliounen! Sot mer eng Plaz, wou dat geschitt.

Ech liesen, wat den europäesche Gerichtshaff iwwert d'Loi de garantie seet: „Eine Konstruktion, die sich als sehr kostspielige Rechts- und Finanzkonstruktion erweist, mit der die Überwachung der Ausführung und die Kontrolle der Kosten praktisch unmöglich war." Dat soen net ech, dat soen héich qualifizéiert europäesch Experten. Déi soen och, dass mer hei am Morast dra sinn, an der totaler Intransparenz. Et ass dat, wat schlecht ass a wou mir de Problem hu mat der Loi de garantie, well mer näischt méi kënne kontrolléieren.

Da muss een och soen, dass mer net nure mat der drëtter Extensioun e puer Schwierigkeeten hunn. Mir hunn der mat anere Gebaier, wou iwwert d'Loi de garantie gefuer ginn ass. D'Jean-Monnet-Gebai, Mme Ministerin?

Beim Jean-Monnet-Gebai waren ee Moment och Schwierigkeeten, well op eng Kéier d'Europäesch Kommissioun net méi wollt de Loyer bezuelen. Dat woren Enn 1998 235 Milliounen. Sait dem 1. Januar 1999 gëtt iwwerhaapt keen Akont méi bezuelt. Dunn ass emol e bësse reklaméiert ginn. Ech sinn e puermol intervenéiert bei Ärem Virgänger an haaptsächlech bei lech. Dunn ass en Akont bezuelt ginn, mä de Problem ass nach net geléist Madame. Do ass et och iwwert d'Loi de garantie gaangen. A woufir ass de Problem net geléist? Mä well mer net eens ginn iwwert de Präis.

Mir hunn op Basis vun deene Facturen, déi net beluegt sinn, als Stat e gewëssene Präis bezuelt, mä mir kréie keng Justifikatioun dovunner, ob dee Präis richteg berechent ginn ass. Dofir wëllt d'Europäesch Kommissioun de Mietkaf net an deem Mooss realiséieren, wéi e soll realiséiert ginn.

Zu där leschter Question parlementaire, déi ech gestallt hunn, Mme Ministerin, hat Der mer als Äntwert ginn, Dir wiert nach an der Diskussioun. Dat sinn elo e puer Méint hier, mä d'Situatioun ass nach ëmmer déiselwecht. Dir wäert ons et vläicht soen, wann et eng gutt Nouvelle ass, wa mer op eng Kéier no all deene Joren en Accord fonnt hunn, mä Dir gesitt, wéi schwierig et ass, wann et iwwert d'Loi de garantie geet, fir eng Léisung ze fannen. An d'Fro stellt sech: Si mer elo am Präis mat der Europäescher Kommissioun eens, wat mer wëlle bezuelen? Wa mer d'Annuitéiten net wëssen, de Montant net wëssen, wat geschitt dann? Besteet e Kontrakt mat der Europäescher Kommissioun?

Ech kommen nach dorop zrëck, well et ass eng vun de Recommandatiounen, déi gemaach gi sinn.

Am Klortext heescht dat, dass d'Aart a Weis, fir hei ze schaffen iwwert d'Loi de garantie, dem Lëtzebuerger Land deen Abléck schued, wou et ëm d'Verteidigung vun den europäeschen Institutiounen geet, well all Kéiers, wa mir e Gebai bauen, da komme Kontestatiounen iwwert de Präis. Ech mengen, cela ne fait pas sérieux, an ech mengen, et wier besser gewiescht, wa mer hei en normalen Devis gehat hätten, ouni d'Loi de garantie.

M. le Président.- Dir sidd um Enn vun Äre 17 Minuten, déi den ADR zur Verfügung huet.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Da maachen ech et ganz kuerz. Ech renvoyéiere fir de Rescht un déi Froen, déi d'Kontrollkommissioun vun der Chamber gestallt huet, an ech erënneren nach un eppes, well den Här Rapporteur gesot huet, den Här Pesch hätt gesot, dass et Fonge genuch géifen iwwert d'Loi de garantie.

Ech muss éierlech soen, do sinn ech vum Hocker gefall. Am Budget 2001, ënner sub) alimentation du Fonds de garantie steet: „A noter que le financement relatif au projet de loi de la quatrième extension du Palais de Justice de l'Union européenne n'est pas repris dans la totalité des dépenses à charge du Fonds par la loi de garantie, étant donné que le financement sera supporté directement par l'Union européenne.“

Mme Ministerin, ass et esou? Gëtt dann elo finalement de Finzement iwwert d'Europäesch Unioun direkt gemaach, oder geet et iwwert d'Loi de garantie? Stëmme mer dat?

Ech muss soen, wann net ganz satisfaisant. Donnée kommen, stëmme mer dergéint, well méi wéi eng Abstentioun kënne mer hei net maachen.

M. Nico Loes (CSV), rapporteur.- Ech wollt lech soen, dass et héchstwahrscheinlech mam Devis, dee mer

gestëmmt hunn, duergeet, a wann et net duergeet, da kënnt en erëm eng Kéier virun eis Kommissioun zrëck.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Ech si mat lech d'accord, Här Rapporteur, mä ech wëll lech just nëmme soen

(Interruptions diverses)

M. le Président.- D'Mme Renée Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Här President, ech wollt, nodeem schonn eng ganz Rei Punkten ugeschwat gi sinn am Kader vun deem Projet de loi, just nach op e puer punktuell Saachen agoen, déi mer awer net onwichtig schéngen, an zwar wollt ech fir d'éischt iwwert d'Aarbechte vun der Kommissioun schwätze par rapport zu deem Projet, awer och vläicht méi allgemeng, wéi mer eis ëm Bauprojekte këmmen.

Ech hunn, wéi mer déi heiten Diskussioun ugefaangen hunn, missten insistéieren an ech sinn du vum President vun der Kommissioun och doranner ënnerstëtzt ginn, fir dass mer emol géifen d'Maquette vun deem Projet gewise kréichen. Ech muss soen, dass ech et eng ganz gutt Aart a Weis fonnt hunn, an ech hoffen, dass mer an Zukunft och wäerten op neie Weeër goen.

Et schéngt mer evident ze sinn, dass, wa mer esou grouss baulech Projeten an en plus och interessant Projete stëmmen, een da méi kritt wéi déi Pläng, déi gewéinlech hannert engem Projet de loi drun hänken, mä dass een da wierklech Dokumentatioun zu deene Projete kritt, wou ee sech kann e kloert Bild maachen.

M. Nico Loes (CSV), rapporteur.- Mme Wagener, an enger éischter Kommissiounssëtzung, den 22. Oktober, huet d'Mme Ministerin eis dee ganze Projet explizéiert a mir sinn duerno nach eng Kéier, de 6. November, an de Bauteministère gaangen, wou mer de Projet nach eng Kéier explizéiert kruten.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Här Loes, dat ass ganz richteg, mä et wor op meng Demande hin, dass mer d'Maquette géife kucke goen.

M. Nico Loes (CSV), rapporteur.- Doru gesitt Der jo, dass och Ären Dermandé Rechnung gedroe gëtt.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Här President, ech hu jo elo grad gesot, dass ech d'Ënnerstëtzung kritt hu vum President vun der Kommissioun, an ech mengen, dass mer eis och eens sinn op deem Punkt. Ech hoffen, dass dat dann och an Zukunft eng Selbstverständlechkeet vu Säite vun der Regierung gëtt.

Ech wëllt doriwwer eraus froen, well mer elo hei e puermol héieren hunn, dass mer e Stararchitekt hätten, deen un deem Projet hei geschafft huet, ob et net och denkbar wär, dass ee weider Dokumentatioun, déi ee kritt, zumindest wann et Projete vun där doter Envergure sinn, dass een da vläicht och emol eng kleng Biographie kritt, respektiv soss Material par rapport zu deenen

Architekten, wat engem sécherlech hëlleft, sech e Bild ze maachen. Ech weisen zum Beispill drop hin, dass an enger Wochenzeitung, déi net déi ass, déi ech soss ëmmer zitéieren, mä d'Lëtzebuerger Land, e ganz interessanten Interview wor,...

M. Nico Loes (CSV), rapporteur.- Ech hunn en hei. Ech ginn lech en dann!

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Ech hunn e selwer gelies. Ech wëll just soen, dass do interessant Informatiounen vu Saiten vum Architekt waren. Et wier sécherlech flott gewiescht, wa mer deen Här hätte kënnen begéinnen, mä zumindest hätt et Sënn gemaach, wa mer do Ennerlage krut hätten.

Natierlech kann een elo soen, déi kënnen mer eis och selwer besuergen, wa mer interesséiert sinn, mä ech mengen, dass dat eigentlech zur Basisausstattung gehéiere misst, wann ee sech an esou Projekte soll e bëssen eraknéien.

Ech denken och, dass, wa mer dat gemaach hätten, vläicht nach méi e kloert Konzept vum deem Architekt ervirgaange wier, deen iwwregens net eleng un deem Projet geschafft huet, mä, wéi et scho gesot ginn ass, en association mat verschiddene Lëtzebuerger Büroen. Dat sollt ee vläicht hei awer och ennersträichen.

A wat mir interessant un deem Konzept geschéngt huet, dat si véier Punkten.

Deen éischten ass, dass e seet, dass déi Gebailechkeeten net nëmmen den Historique vum der Cour de Justice, esou wéi se sech am Laf vun de Jorzéngten erweidert huet, erëmginn, mä eigentlech domadder och vun der gesamter europäescher Konstruktioun. Dass dat sech also an där Tatsaach erëmspigelt, dass d'Cour schonn eng ganz Rei vu baulechen Erweiderungen erlieft huet.

Den zweete Punkt ass, dass déi verschidden Erweiderungen erkennbar bliwwen sinn, net wéi bei anere Gebaier, wou vläicht ofgerappt ginn ass an nei gebaut ginn ass, mä hei sinn déi verschidde Phase kloer erkennbar, an hien huet déi Approche och weidergefouert andeems en dat, wat elo nei gebaut gëtt, dobäi oder ronderëm setzt, ouni dat Aalt a Fro ze stellen, an e seet dann och an deem Interview, dass dat eigentlech e Beitrag zum Denkmalschutz wär, wat ech och eng interessant Iddi fannen.

Drëttens rechtfäertegt en déi zwee Tieren duerch d'Tatsaach, dass et sech hei ëm en unique Gebai handelt fir eng unique Funktioun an Europa. Och dat schéngt mer e wichtege Punkt ze sinn, wa vläicht och an der Öffentlechkeet dréiwier diskutéiert gëtt, ob dat Sënn mécht an ob et ubruecht ass. Da mengen ech, dass et effektiv an deem hei Fall ubruecht ass, fir esou architektonesche Signaler ze setzen.

Véiertens weist en och drop hin, dass d'Architektur soll duerch hir Formesprooch der Wichtigkeet vun der Institutioun gerecht ginn, ouni awer a Monumentalismus

ze verfallen. Ech zitéieren, hie gesäit doranner „une justice démocratique qu'on respecte“.

Dat vläicht just zum Konzept vum Architekt.

Ech wëllt dann nëmme méi kuerz op d'Problematik vun der Finanzéierung agoen, well eng Rei vu Virriedner do schonn hir Kriticken ubruecht hunn. Ech muss och soen, dass mer do e bëssen am Vaguë gelooss gi sinn. Ech ka mech erënneren, dass den Här Fayot an der Kommissioun déi Fro schonn opgeworf hat, dass mer zwar anscheinend eng Zouso vum President vun der Cour hu wat den Accord vun der Cour de Justice betrëfft zu deem heite Projet, mä dass mer eigentlech awer keng schrëftlech Zouso hätten. Op deem Punkt muss ee sech tatsächlech eng Rei Froe stellen.

Mir hu konkret Situatiounen gehat, wéi mer iwwert d'Erweiderung vum Parking geschwat hunn. Do ass gesot ginn, mir hunn zwar nach näischt Offizielles, mä dat wäert scho goen, oder och bei der Fotovoltaik, wou dann éischter d'Fro wor, wëllen déi dat dann iwwerhaupt? Och do ass onkloer bliwwen bis zum Schluss, ob dat, wat mir eis do virgestallt hunn, och géif vun der Cour acceptéiert ginn, an dat fannen ech am Fong och iwwert déi ganz finanziell Kontrollaspekter, déi elo schonn ugeschnidde gi sinn, eraus, problematesch, well ee sech awer muss iwwer iergendeng Richtung schonn am Viraus kënnen eens ginn, fir dass et herno keng Konflikter gëtt.

Ech wëll just drop hiweisen, dass mer och deemools eng Kéier festgehalen haten, dass bei Changementer am Programm zumindest dann awer d'Commission des Travaux publics misst informéiert ginn.

(Interruption)

Ech hunn dat net am Rapport erëmfonnt, mä den Här Loes seet mer, dass et am Rapport drasteet.

M. Nico Loes (CSV), rapporteur.- Et steet a mengen mëndleche Rapport, deen ech hei virgedroen hunn.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Am schrëftleche Rapport géif et awer vläicht och ganz gutt maachen, well et schéngt mer e ganz wichtege Punkt ze sinn.

M. Nico Loes (CSV), rapporteur.- Deen Interview mam Architekt schéngt mer awer net gutt ze maachen am schrëftleche Rapport, wann een dat och nach misst materabréngen, well et jo e Bauprojekt ass.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Wéi gesot, et wier wichteg gewiescht, dass een dat schrëftlech festgehalen hätt. Wa mer soss näischt hunn als Garantien, da wier dat eigentlech schonn e wichtege Punkt gewiescht.

En drëtte Punkt, op deem ech wollt agoen, ass d'Energie. Ech hunn an deene leschte Méint e bëssen eng Campagne gefouert, fir dass mer géifen no deem Aspekt vun den erneierbaren Energie kucken, wa mer öffentlech Gebaier opriichten oder finanzéieren. Hei wor direkt schonn am Ufank vun der Regierung gesot ginn, dass

Efforte géife gemaach ginn. Engersäits gëtt dat Gebai jo un d'Cogeneratioun vum Kierchbiërg ugeschloss. Op där anerer Säit sollten och Equipementer fir Energie renouvelable a Form vu Fotovoltaik virgesi ginn. Déi Equipementer sinn op zwou Milliounen Euro geschat ginn. Do sollten och Etüde gemaach ginn. Déi woren deemools am Hierscht, wéi mir diskutéiert hunn, nach net disponibel. Ech hunn awer och duerno net ganz vill dovunner gehéiert, an notament an där leschter Sitzung, wou mer de Rapport gestëmmt hunn, konnt ech och net ganz vill méi Konkretes gewuer ginn, ausser dass géifen Efforte gemaach ginn, fir an déi Richtung ze goen, mä dass een nach net sécher wéisst, ob dat géing esou ausgoen.

Do fannen ech dann awer och, dass mir misste méi kloer eis Jalone setzen, wa mer esou Kontrakter maachen, dass mer och Virgabe maachen, dass muss eng Rei vu Punkten, wéi eben den Asaz vun erneierbaren Energiën, berücksichtegt ginn.

Ech hunn d'Gefill gehat, dass dat manner en Thema wor wéi d'Problematik vun de Parkplazen, iwwert déi mer ganz laang geschwat hunn an op déi ech och nach wäert zum Schluss zréckkommen.

Eiser Meenung no schéngt et wierklech e Must ze sinn, fir an déi Richtung ze goen, dass et bei den öffentleche Gebaier einfach eng Selbstverständlechkeet gëtt, dass mer net méi all Kéiers hei op der Tribün müssen doriwwer streiden, mä dass dat d'office an de Projete scho virgesinn ass.

Här President, dann zum leschte Punkt, dee vun de Parkplazen. Mir haten hei nach en Amendement kritt, fir déi Zuel vu Parkplazen, déi schonn do sinn, nach ze erweideren ëm 270 Unitéiten. Et ass och gesot ginn, dat ass haaptsächlech fir d'Personal a fir aner Usageren. Dat kann een, zumindest wann ee kuerzsichteg ass, einfach acceptéieren. Et kann ee sech awer och d'Fro stellen, a wéi eng Richtung mer net nëmme mat deem heite Gebai ginn, mä ganz allgemeng mat där Politik, déi mer an deem Beräich maachen. Net nëmme dass déi Part un de Fräen, déi duerch déi Parkplazen entsteet, ëmmer méi grouss gëtt. Ech hu leider an deem hei Projet keng genau Zuele kënne fannen, ausser dass déi zousätzlech 270 Unitéiten eis scho fënnf Milliounen Euro ze stoe kommen.

Ech weess net ganz genau wat insgesamt d'Part vun de Parkinge par rapport zu deem Projet hei ausmécht, mä ech stelle just fest, dass mer an eng Richtung ginn, wou mer aus demokratesche Grënn net nëmme méi den Direktiounen, mä dann och dem gesamte Personal an den Usageren am Fong wellen d'Méiglechkeet ginn, fir eng Parkplaz ze hunn.

Ech mengen awer, dass dat eigentlech eng falsch Politik ass, well, wa mer op deen do Wee ginn, an dat och ëmmer verstärkt ausbauen an d'Zuel vun de Parkplaze pro Gebai nach erhéijen, da kënne mir nach esou vill Trammen, Buslinnen an ech weess net wat nach alles

bauen, da kréie mer d'Leit net dozou, fir dass se ëmklammen. Wa se souwisou op hirer Aarbechtsplaz eng Parkplaz hunn, da mengen ech, ass de Risiko relativ grouss, dass se de Stau a Kaf huelen amplaz dass se sech iwwerleeën, dass et méi sënnavoll wär, mam öffentlechen Transport op hir Aarbechtsplaz ze kommen.

Iwwert déi heite Gebaier eraus wäerte mer och eng Situatioun schafen, wou d'Leit soen: „Wann déi doten dat kënne kréien, wa Statsbetreiber oder europäesch Institutiounen dat dote gebuede kréien, dann hätte mir dat och gär bei de Gemengen a bei de Privatbetreiber.“ Dann hu mer herno eng Situatioun, wou all Mënsch vun deem Recht ausgeet, op senger Aarbechtsplaz eng Parkplaz ze hunn.

Ech verstinn, dass d'Leit esou raisonnéieren. Dat ass sécherlech, wann een am Alldag mat der Situatioun konfrontéiert ass, duerchaus novollzéihbar. Mä ech mengen, gesamt-politesch gekuckt, ass et awer eng falsch Richtung. Ech wëllt awer drop hiweisen, dass mer jo awer öfters iwwer Konzepter vun öffentlechem Transport, net nëmme um Kierchbiërg, mä och op anere Plaze schwätzen, an dass vläicht mer eis dann och an där heiter Saach nei Iddiën missten afale loossen, an eventuell och iwwer Reglementatiounen missten nodenken, wéi se zum Beispill beim Fonds du Kirchberg oder och am Bautereglement vun der Stad Lëtzebuerg oder anere Gemenge bestinn, wou einfach schonn d'office festgeluegt ass, dass ee muss Parkplaze virgesinn, wou een dann eigentlech och kaum nach d'Méiglechkeet huet, fir aner Konzepter ze proposéieren.

Voilà, Här President, dat gesot - ech si vläicht lo e bësse méi wäit aus dem Kader vun deem heite Projet erausgaangen -, wëllt ech trotzdeem den Accord vun eiser Fraktioun ginn.

Ech soen lech merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Mme Wagener. Lo huet d'Regierung d'Wuert.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d'alleréischt der Chamber merci, dass mer dee Projet hei nach elo konnten évacuéieren, well eréischt vun elo u gëtt mat Volldamp un de Pläng geschafft. Ech si virun allem frou och iwwert dem Här Loes säin ausféierleche Rapport, sou dass ech zum Projet selwer eigentlech net méi nach wëll eppes soen, mä dann awer op déi Froen, déi hei gestallt gi sinn, äntweren.

Ech wäert och déi Froen ëm d'Prioritéiten direkt beäntweren, Här President, deemnächst bei lech an der Kommissioun da mat dem geneeën Datum - ech hunn déi Donnéeën elo net hei -, wéi d'Gebaier um Kierchbiërg viruginn, a wou mer dru sinn.

Et ass ganz sécher e wichtege Moment, well d'Cour européenne de Justice fir eis eng wichteg Institutioun

1980

ass, déi mer heegen a fleege mussen. Den Här Fayot, als gewiiften Europäer, weess jo och aus eegener Erfahrung, wéi schwierig et ass bei deene Verhandlung mat der Cour eens ze ginn, an iwwerhaupt mat den Institutionen eens ze ginn. Ech muss awer och soen, dat huet sech gebessert, zënter datt de Commissaire, den Här Kinnock, décidéiert huet, fir d'Gebaier ze kafe fir all europäesch Institutionen, sou datt mer eis do net méi allze vill mat Contrat-location oder sou erëmploe mussen, mä datt et kloer ass, datt et iwwerall e Contrat-vente gëtt.

En neit Gesetz gëtt net nogeschoss, well mir hunn en Devis hei, deen Der kennt, a wann deen Devis net duergeet - dat wësse mer lo nach net -, da kënnt en neit Gesetz. Et ass net elo esou, wéi wa mer hei schonn direkt schlecht Gedanken hätten, oder datt dat eent oder dat anert lo am Projet vergiess gi wier.

An deem Sënn géif ech d'Engagement vis-à-vis vun der Chamber huelen, datt mer hei och alles mat öffentlechen Ausschreiwunge maachen, sou wéi dat sech gehéiert, an dass mer dofir eis och net brauchen, Här Henckes, déi Virwërf do gefalen ze loossen. Ech mengen, Dir hutt eng Ried gehalen, déi fir den drëtten Elargissement vun der Cour de Justice war.

(Interruption)

Den Här Loes huet lech drop higewisen, dass et elo de véierten ass, datt de véierten Elargissement vun der Cour och iwwert d'Loi de garantie ofgewéckelt gëtt. Dat heescht net, datt et do keng Kontroll gëtt. Do gëtt et jo Adjudicationen, do gëtt et jo awer wéi bei all normale Projet hannenno eng Ofrechnung, an do ass et jo duerchaus esou, datt d'Chamber awer och den Abléck an deen Déroulement vun deem Finanzgebären do kritt, well dat ka jo net sinn, datt mer bei sou grouse Montanten eis net och selwer eng Disziplin operleeden. Ech verweisen dofir op all déi Questiouns parlementaires, déi beäntwert gi sinn, zu deem, wat Dir zum drëtten Erweiterungsprojet ze soen hat. Hei - si mer beim véierten. Mir wëllen et wierklech sou maachen, datt et och transparent ass an dass och festgestallt ka ginn, wéi vill et kascht, a wéi mer dann och mat der Cour eens ginn.

Dozou déi formell Fro: Wou si mer mat der Cour drun? Ech hu gesot, dat Verhältnis huet sech verbessert. Ech hunn hei de Vertrag an der Hand, wou ee Contrat-cadre mat der Cour de Justice gemaach ass, deen elo schonn déi Location-vente fir déi Gebaier, déi se lo besetzen, festschreift, deen awer, wann dee Projet lo gestëmmt ass, erëm eng Kéier zur Verhandlung mat der Cour féiert, wou mer dann hoffen, op Grond vun der Basis, wéi hei d'Konditionen am Kontrakt sinn, och zu enger definitiver Ennerschrëft ze kommen, an zwar Location-vente, dat heescht, datt mer jo de Präis, deen dat Ganzt kascht, verrechnen kënnen, op dat, wat dann ze bezuelen ass, an dass dat dann och esou gemaach gëtt. Ech hu kee Grond fir drun ze zweifelen, datt mer dat mat der Cour propper

ofgewéckelt kréien an datt mer domadder och op eise Kierchberg eng kloer Situatioun doriwwer kréien, wie fir d'Gebaier responsabel ass. Mir mussen elo fir de Moment nach baue fir e Client. Ech mengen, an deem Sënn si mer natierlech och dru gehalen, fir der Cour, sowäit wéi hir Wënsch ginn, entgéintzekommen. Dofir ass jo och gesot, si sollen als Benotzer vun deem spéidere Gebai déi Bauphas matbegleede kënnen, fir dann direkt vun Ufank un, wann iergendwellech Ännerunge sollte kommen - wat ech net hoffen -, déi ze signaléieren.

Mir wëssen, et ass eng grouss Affär, well et ass ëmmerhin fir d'Europa vun no der Erweiterung. Mir wäerten och déi néideg Zäit mussen opwenden, fir dese Bau sou séier wéi méiglech virunzedriewen. Et ass dofir begréissenswäert, datt mer en haut kënnen hei stëmmen.

Zu de Froen, déi elo gestallt si ginn zur Exécution vun den Aarbechten, hunn ech gesot, dass am Fong elo erëischt déi definitiv Pläng erschafft ginn. Dat ass jo ëmmer bei de Projeten e bësse schued: Mir stëmmen de Projet hei, an am Fong geholl en halleft oder e Joer drop misste mer den Architekt an d'Öffentlechkeet schécke kënnen a sai Projet presentéieren. Dat wäerte mer och bei esou engem wichtege a grouse Projet wéi deem hei maachen, fir datt vun deem Moment un, wou feststeet, et gëtt gebaut, dann awer och eng Publicitéit gemaach ka ginn, well de Kierchberg huet sech méttlerweil awer mat ville schéine Gebaier zu enger Plaz entwéckelt, déi wierklech och fir d'Architektur vun eiser Zäit wichteg ass, an eis awer och soll mat Stolz a mat Houffert erfëllen, well dat, wat mer weise kënnen, jo awer och vun eis alleguerter sou gewollt an esou dohinner gesat ass.

Une voix.- Très bien!

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Wat aner Froen lo ugeet, muss ech lech soen, Mme Wagener, mir hu bei der Diskussioun zu den Altersheimer Diddeleng a Wolz iwwert déi Energieproblemer do diskutéiert, an Dir hat mer do Virschléi gemaach, an ech hat gesot, ech géif bei deenen nächste Projeten de Büro Wagener an de Büro Gira froen an invitéieren an de Bauteministère ze kommen. Ech hu gewaart an et ass kee komm. Also, ech sinn nach eng Kéier bereet, lech ze emfänken...

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Mme Minister, dese Projet ass scho méi al wéi déi, déi mer deemools gestëmmt hunn, well ech lech just soen. D'Chronologie stëmmt an deem Sënn net.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- ...fir all Är gutt Iddien, well mir hu jo deemools konkret doriwwer diskutéiert, wéini eng Cogénération sech géif rentéieren a wéini net. Ech loosse mech gär beléieren.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Mme Minister, éischters stëmmt d'Chronologie hei net, an zweetens sinn ech och net d'Expertin vun der Cogénération, mä

ech denken awer, datt et wichteg wär an déi Richtung ze goen. Wann Der wënscht, datt ech lo hei Konzepter ausschaffen, da kann ech dat awer natierlech och maachen.

(Interruptions)

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Dat hu mir jo hei gemaach.

Här President, ech wëllt awer nach eng lescht Bemierkung maachen. Mir hunn déi Gebaier um Kierchbiërg...

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Dir hutt eis nach net gesot, ob et da gemaach gëtt, Mme Minister.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- ...net alleguer iwwert d'Loi de garantie gebaut, wéi zum Beispill den Här Henckes gesot huet, de Bâtiment Jean Monnet wär iwwert d'Loi de garantie gebaut ginn: Dat ass net richtig. Ech halen awer och drop, datt dat heite richtig gesot gëtt, net dass wéi sou munchmol aus enger Debatt dann hannenno hänkebleift, net no deem Motto: D'Haaptsaach ass, et huet een eppes gesot. Déi

falsch Saache bleiwe jo bekanntlech ëmmer éischter hänke wéi déi richtig.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Ech soen hei der Chamberkommissioun merci, an, Här President, ech wier frou, wann dat Gesetz hei gestëmmt géif ginn.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruptions)

M. le Président.- Sou, Dir Herrschaften, domat ass eis Diskussioun vun haut den Owend ofgeschloss. D'Liesung an de Vote vun dësem Projet de loi si mar de Mëtteg. Mar de Moie geet et weider ëm 9 Auer mat dem Gesetz iwwert den Enseignement.

Domat ass d'Sëtzung vun haut den Owend opgehuewen. Merci!

(Fin de la séance publique à 19.52 heures)